N° 6369
Reçue le 17.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.06.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 17. Juni 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zum Klima-Biergerrot un d'Madamm Ëmweltministesch weider ze leeden.

De 15. an de 16. Juli goufen zwee Artikelen am Quotidien, di d'Funktiounsweis vum Klima-Biergerrot kritiséieren, publizéiert («Des citoyens déçus, le débat reporté »; « C'était ambitieux, mais réalisable »). De Biergerrot soll jo mëttels Reunioune mat Expert'en erausfannen op Lëtzebuerg genuch géint de Klimawandel mëscht oder op et zousätzlech Moossname brauch, a wann jo, déi Moossname ze identifizéieren. Sou kënnen nei Impulser gesat ginn, di der Gesellschaft hëllefe kann der Klimakris méi effektiv entgéint ze wierken.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Ministesch stellen:

- Kann d'Regierung di 2 Artikele confirméieren?
- Kann d'Regierung de Frust vun de Participant'en verstoen?
- Wa jo, wéi wëll een dem entgéint wierken, fir dass et keen Echec gëtt?
- Wéi vill Expert'en ware bis dato an de Reuniounen involvéiert? Wéi vill vun dësen Expert'en schaffen op engem Ministère oder an enger parastaatlecher Organisatioun?
- Wien huet den aktuelle Planning opgestallt? Firwat war deen esou enk bemooss mat 6 Méint?
- Ginn Ännerungen um Planning gemaach? Wann neen, firwat? Wa jo, wéi eng?
- Wéi eng Léiere ginn aus dëser Geschicht gezunn am Bezuch op zukünfteg Biergerbedeelegung?

Här President mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

Deputéierten

Max Hengel

Deputéierten

Diane Adehm

Deputéierten

N°6369
Reçu le 04.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6369 vum 17. Juni 2022 vun den honorabelen Deputéierte Paul GALLES, Max HENGEL an Diane ADEHM**

De Klima-Biergerrot gouf an d'Liewe geruff fir doriwwer ze deliberéieren, ob Lëtzebuerg am Kampf géint de Klima-Wandel kann a wëll méi wäit goen, a mat wéi enge Moossnamen dat kéint geschéien. De Klima-Biergerrot ass als Projet fir Bierger-Participatioun esou opgestallt ginn, datt déi ausgewielte Bierger hir Propositiounen esou onofhängeg wéi méiglech ausschaffe kënnen. Dofir hunn déi concernéiert Ministèren decidéiert, sech vun Ufank un aus den alldeeglechen Aarbechte vum Klima-Biergerrot erauszehalen.

TNS-Ilres ass dermat beoptraagt ginn, d'Memberen esou auszewielen, datt de Klima-Biergerrot esou representativ wéi méiglech d'Lëtzebuerger Populatioun erëmgëtt. D'Virbereedung, d'Begleedung a Betreiung, an d'Restitutioun vun den Aarbechte sinn an enger Ausschreiwung un zwou extern Entreprisen - Pétillances Sàrl an Oxygen & Partners SA - mat dem entspriechende Know-How an dësem Beräich ofgetruede ginn, nodeems si zesummen op d'Ausschreiwung geäntwert haten. Gläichzäiteg ginn d'Aarbechte vum Klima-Biergerrot vun engem onofhängege Comité d'accompagnement begleet, dee sech aus 10 nationalen an internationale Fuerscher, Experten an Uni-Professeren am Beräich vun der politescher Biergerbedeelegung zesummesetzt. D'Zesummesetzung vum Comité d'accompagnement kann um Internet-Site vum Klima-Biergerrot consultéiert ginn. D'Regierung huet och eng Konventioun mat der Uni Lëtzebuerg ofgeschloss, fir de Projet wëssenschaftlech ze begleeden an no der Finalisatioun opzebereeden, fir esou wäertvoll Schlëss fir eventuell zukünfteg Participatiouns-Projeten ze zéien.

D'Regierung huet déi folgend Äntwerten op d'Froe vun den honorabelen Deputéiert mat den uewe genannten Entreprisen an dem Comité d'accompagnement koordinéiert, déi hiren Accord zu dësen Äntwerte ginn hunn.

**<u>Kann d'Regierung di 2 Artikele confirméieren?</u>**

Allgemeng ass festzestellen, datt den éischten zitéierten Artikel op Aussoe vun zwee anonymme Membere vum Klima-Biergerrot baséiert. Dës Aussoen entspriechen zum Deel faktuell net der Realitéit, an doriwwer eraus gëtt hir generell Positioun zum Prozess vun enger grousser Majoritéit vun de Memberen och net gedeelt. Dës hunn eng sëllege Membere vis-à-vis vun den Organisateuren, intern - op enger interner Kommunikatiounsplattform vum Klima-Biergerrot - an ëffentlech - a Form vu Kommentaren ënnert der Online-Versioun vum Artikel - zum Ausdrock bruecht. D'Regierung wëll och ervirhiewen, datt eng Rei am Artikel kritiséiert Virgäng vun de

Membere selwer an internen Ofstëmmunge guttgeheescht goufen. Prinzipiell hunn d'Membere vum Klima-Biergerrot zu all Moment Afloss op d'Aart a Weis, wéi si hir Aarbechten organiséieren, a virun allem Entscheedungsfräiheet iwwert hir inhaltlech Propositiounen.

Am zweeten zitéierten Artikel kommen d'Organisateuren an zwee Membere vum Comité d'accompagnement zu Wuert. Déi Befroten hunn der Regierung ze verstoe ginn, datt si zousätzlech, net am Artikel zitéiert Aussoe gemaach hunn, déi Kriticken aus dem éischten Artikel widderleeën.

Déi concernéiert Ministèrë goufe weder am Virfeld, nach no der Publikatioun vun deenen zwee Artikele vun der Journalistin kontaktéiert.

**<u>Kann d'Regierung de Frust vun de Participant'en verstoen? Wa jo, wéi wëll een dem entgéint wierken, fir dass et keen Echec gëtt?</u>**

D'Regierung wëll am Numm vun den Organisateuren an dem Comité d'accompagnement nach eng Kéier drop hiweisen, datt den zitéierten Artikel kengesfalls d'Meenung vun all de Membere vum Klima-Biergerrot erëmspigelt, mee sech just op d'Aussoe vun zwee anonymme Membere baséiert. Ganz am Géigendeel, fillen sech vill Membere vun dësem Artikel net representéiert. Et ass ganz normal, datt et wärend engem Projet, wéi dem Klima-Biergerrot mat 100 Participanten, sou wéi an all demokrateschem Prozess, zu Oneenegkeete par rapport zum Prozess, zur Methodologie an och zu Konflikter op inhaltlechen Diskussioune kënnt. Dës Konflikter konnten intern geléist ginn an hunn zu kenge gréissere Problemer gefouert. Am Fall vun zwee Memberen hunn sech dës Konflikter allerdéngs op d'Interaktioun mat den Organisateuren a mat verschiddenen Experte, wéi och op d'Zesummeschaffe vum Klima-Biergerrot ausgewierkt. Doropshi goufen dës zwee Memberen no Consultatioun mam Comité d'accompagnement vun der Organisatioun verwarnt a gebueden, hiert Behuelen ze änneren.

Prinzipiell ass et esou, datt den Input an d'Wënsch vu Memberen, wat d'Organisatioun vun den Aarbechten ubelaangt, gehéiert, eescht geholl a wou méiglech berécksiichtegt goufen a ginn. Sou ass et wärend dem ganze Prozess ëmmer erëm, an Ofsprooch mam Comité d'accompagnement zu kléngeren a gréisseren Upassunge komm. Sou sinn zum Beispill op Wonsch vun de Memberen zousätzlech Echangë mat Experten organiséiert ginn an et gouf gemeinsam decidéiert, sech op déi deliberativ Aarbecht am Biergerrot ze konzentréieren a bis zur Presentatioun vun de Propositioune medial net ze kommunizéieren. Eng aner grouss Ännerung betrëfft d'Verlängerung vum Projet insgesamt, déi fir d'éischt op Wonsch vu verschiddene Memberen an op Recommandatioun vum Comité d'accompagnement proposéiert gouff, an da vum Klima-Biergerrot diskutéiert an decidéiert ginn ass.

**<u>Wéi vill Expert'en ware bis dato an de Reuniounen involvéiert? Wéi vill vun dësen Expert'en schaffen op engem Ministère oder an enger parastaatlecher Organisatioun?</u>**

An der Phase 1 vum Projet Klima-Biergerrot an de Méint Februar bis Juni sinn insgesamt 63 national an international Experten intervenéiert, dëst wärend de Visitten um Terrain, den online

Presentatiounen a Froen-Ronnen an den Aarbeschtsweekender, fir de Membere vum Klima-Biergerrot e méiglechst breede Kontext, Informatiounen an Erklärungen iwwert déi verschidde Sujeten ze ginn. Ronn een Drëttel vun dësen Experte schaffen op engem Ministère. Ronn ee Fënneftel vun dësen Experte schafft an enger parastaatlecher Organisatioun oder enger Organisatioun mat engem Lien zum Staat. De Comité d'accompagnement ënnersträicht op dëser Plaz, datt d'Presenz vu staatlechen a parastaatlechen Experte wichteg ass, fir de gesamte Spektrum vun engem Sujet ze beliichten. De Comité d'accompagnement präziséiert och, datt si konnte beobachten, wéi déi staatlech a parastaatlech Experte fräi hir Meenung konnte soen a sech och kritesch zu politeschen Entscheedunge geäussert hunn. Dës Experten hunn net aktiv un der Ausaarbechtung vun de Propositiounen deelgeholl. Vertrieder aus Ministèrë stounge wärend den Aarbechtsweekender zur Verfügung, fir op Demande vun de Memberen, op konkret Froen ze äntweren.

Engagéiert ware Vertrieder vun natur & ëmwelt, der ANF, IBLA, co-labor, dem Kass-Haff, der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, der Bauerenzentral, der SEO / Soler, dem Syndicat des eaux du sud, der Klima-Agence, der Encevo, dem LIST, dem Klima-Team, dem Energie-Atelier, der Gemeng Schëffleng, der uni.lu, der FEDIL, der SNHBM, Neobuild, OAI, CRTI-B, Uni Tréier, Valorlux, Hein Déchets, Lamesch, Ecotec, ecotrel, Voyages Emile Weber, dem LISER, der Creos, SDK, Luxinnovation, CFL, Sales-Lentz, Losch Digital Lab, Witry&Witry an dem Circular Economy Hub.

Och Vertrieder aus dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Ministère fir Energie a Landesplanung, dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung hunn hir Expertise zur Verfügung gestallt, ouni op d'Positioune vun de Membere vum Klima-Biergerrot anzewierken.

Et ass och ze notéieren, datt eng Rei weider Expertë vun den Organisateuren ugefrot gi sinn, déi aus diverse Grënn net deelhuele konnten oder wollten.

**Wien huet den aktuelle Planning opgestallt? Firwat war deen esou enk bemooss mat 6 Méint? Gin Ännerungen um Planning gemaach? Wann nee, firwat? Wa jo, wéi eng?**

Den ursprénglече Planning ass vun de concernéierte Ministèren opgestallt ginn, nodeems si Experten am Beräich vun der Biergerbedeelegung consultéiert hunn. Et gëtt ënnerschiddlech Approchen, fir un esou en Projet erunzegoen. Änlech Projeten an der Vergaangenheet hu gewisen, datt d'Bedeelegung vu ville Participanten no e puer Méint ofhëlt. D'Regierung wollt och verhënneren, datt d'Biergerconsultatioun vun de kommunalen an nationale Walcampagnen am Joer 2023 beaflosst gëtt. Dofir huet d'Regierung decidéiert, eng Approche mat méi intensiven Aarbechtsweekender zeréck ze behalen an de Projet Mëtt Juli 2022 ofzeschléissen.

No den éischten Aarbechtsweekender huet sech erausgestallt, datt d'Memberen sech méi Zäit wënschen, fir hir Propositioune méi am Detail auszeschaffen an och hier Iwwerleeunge besser ze developpéieren ze kënnen. Op Recommandatioun vum Comité d'accompagnement huet de Staatsministère zesumme mat den Organisateuren en alternative Planning ausgeschaff an de Membere virgestallt. Dëst war déi eenzeg Kéier, wou Vertrieder vum Staatsministère, an Ofsprooch mat den Organisateuren an dem Comité d'accompagnement, direkt mat de

Memberen interagéiert hunn – och fir op Froen zur Presentatioun vun de Propositiounen, virun allem vis-à-vis vun der Chamber, kënnen anzegoen. D'Memberen hunn sech mat grousser Majoritéit mat just zwou Géigestëmme fir dësen alternative Planning ausgeschwat. Dësen neie Planning gesäit vir, datt d'Memberen iwwert de Summer am Kader vun Aarbechtsgruppe weider un hire Propositioune schaffe kënnen, och nach eng Kéier fräi Experte consultéiere kënnen, a Mëtt September eng final Ofstëmmung iwwert d'Propositiounen organiséieren. Dës Phas gëtt Ufank Juli lancéiert, an et zeechent sech eng Participatioun an e weideren Engagement vun enger grousser Majoritéit vun all de Memberen of. Uschléissend wäerte Porte-parolen vum Klima-Biergerrot hir Propositiounen der Regierung, der Ëffentlechkeet an der Chamber presentéieren. Ofschléissend freet d'Regierung en Debat de consultation an der Chamber un, wärend dem d'Deputéiert sech politesch zu de Propositioune vum Klima-Biergerrot positionéiere kënnen. D'Regierung hirersäits wäert d'Propositiounen an d'Ausschaffe vum neien nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) afléisse loossen.

**Wéi eng Léiere ginn aus dëser Geschicht gezunn am Bezuch op zukünfteg Biergerbedeelegung?**

Et ass dem Comité d'accompagnement wichteg, drop hinzeweisen, datt de Klima-Biergerrot en demokratescht Experiment duerstellt. Konflikter a Kriticken gehéieren zum Prozess vun esou engem Experiment derzou. D'Organisateuren, d'Experten an d'Regierung huelen dës Kriticken dofir ganz eescht, well si derbäi hëllefen, zukünfteg partizipativ Projeten aneschters z'organiséieren. Wéi schonn erwäänt, huet d'Regierung eng Konventioun mat der Uni Lëtzebuerg ofgeschloss, fir de Projet wëssenschaftlech ze begleeden an no der Finalisatioun opzebereeden, fir esou wäertvoll Schlëss fir eventuell zukünfteg Participatiouns-Projeten ze zéien.

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL